LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Dossier suivi par : M. André LOOS
Tél. : 247 82530

Réf 172/19

**Monsieur Marc HANSEN**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**Service Central de Législation**

**LUXEMBOURG**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
18 AVR. 2019

Luxembourg, le 18 avril 2019

**Objet:** Question parlementaire n° 466 de l'honorable Députée Madame Martine Hansen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir, en annexe, la réponse commune de Monsieur le Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural et de Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable à la question parlementaire citée sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments très distingués.

Le Ministre de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural,

Romain SCHNEIDER

**Réponse commune du Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural et de la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable à la question parlementaire n° 466 de l'honorable députée Madame Martine Hansen**

**Ass de Staat, am Fall wou Schwéngspescht hei am Land nogewise gëtt, am Besetz respektiv ass séchergestallt, dass séier een Drot kann opgestallt gi fir d'Infektiounsplaz groussraimeg ofzegrenzen?**

D'Regierung huet decidéiert, schonn elo an der präventiver Phase eng Clôture laanscht déi Belsch Grenz an der Zone de Surveillance opzeriichten, well do am Moment d'Gefor am gréissten ass, dass d'Krankheet sech op Lëtzebuerg ausbreet. An der Zone ginn och déi jeeweileg Clôture laanscht d'Autobunnen A6 an A4 vun der Bauteverwaltung kontrolléiert an eventuell ausgebessert. Sollten aner Geforepunkten optauchen, ass een dann och prett fir do eng Clôture opzeriichten.

**Gett et eng Aart Krisenhandbuch fir all Acteuren aus der Landwirtschaft (Ziichter, Transporteuren etc) am Fall wou Schwéngspescht hei am Land nogewise gëtt?**

Mir hunn verschidde Pläng (Plan de vigilance, Plan d'action an en Plan d'urgence), an deenen d'Prozedure genau definéiert sinn, falls e Fall bei de Wëllschwäi respektiv den Hausschwäin optrëtt. Des Pläng sinn am Gaang un déi rezent Entwécklungen ugepasst ze ginn. Dobäi gëtt sech mat deene verschiddenen Autoritéite betreffend déi verschidden Aktivitéite concertéiert.

**Kennt et am Fall wou Schwéngspescht hei am Land nogewise gëtt zu engem generellen Export-Stop vu Schwéngefleesch?**

Am Fall vun der Schwéngspescht bei den Wëllschwäi bestinn haaptsächlech Restriktioune fir den Transport vu liewege Schwäin, awer net wat d'Schluechte vun Hausschwäi betrëfft, sou dass och Schwéngefleesch weider kann exportéiert ginn. De Landwirtschaftsminister ass och am Gaang mat den Nopeschlänner ze verhandelen, fir an dem Fall weider lieweg Schwäi fir ze schluechte kënnen z'exportéieren.

**Wei gëtt kontrolléiert op déi bestoend Preventiounsmesure vun alle Schwéngshalter op professionell oder net agehale ginn?**

D'Veterinärsverwaltung huet eng Informatiounsversammlung fir all Schwéngsbetriber ofgehalen an déi verschidde Betriber betreffend d'Anhale vun de Konditioune vun der Bio-Sécherheet kategoriséiert.

Et ass en Courrier un all Betriber gaang, fir si op d'Risken opmierksam ze maachen an eventuell Defiziter ze verbesseren. Déi Betriber, déi net konforme sinn, ginn a reegelméissegen Ofstänn kontrolléiert, an am Fall wou d'Schwéngspescht bei de Wëllschwäin optrëtt, mussen dës Betriber hire Schwéngsbestand eventuell ofschafen.

**Wei ass Positioun vun der Regierung zu enger "prime d'abbatage" fir all Wëllschwäi wat fonnt gëtt respektiv an der iwwerwaachten Zone geschoss gëtt?**

D'Regierung féiert de Moment Iwwerleeungen fir esou eng "indemnité sanitaire" an der "zone Blanche" anzeféieren, fir den zousätzlechen Opwand am Zesummenhang mam Transport an de Laboanalysen vun de geschossene Wëllschwain ze decken.

**Ass de "Worst case" Zeenario schonn eng Kéier vun all betraffene staatleche Servicer duerchgespillt gi fir ze kucken, wéi gutt eist Land op ee méigleche Fall vu Schwéngspescht virbereet ass? Wa jo wat ware Resultater? Wa nee firwat net?**

De "Worst case" Zeenario ass dee vun enger Detektioun vun der Krankheet bei den Hausschwäin, wou d 'Regierung zesumme mam Secteur muss Alles drusetzen, dass deen net antrëtt. D'Prozeduren, déi am "Worst case" Zeenario musse geholl ginn, si kloer. De Fall ass net duerchgespillt ginn, well et zevill Inconnue gëtt, un déi di konkret Emsetzung, sollt e konkrete Fall dann optrieden, muss ugepasst sinn. Mir sinn am Moment an der Situatioun, an där de Virus e puer Kilometer vun eiser Grenz ewech ass, a wou all méiglech Mesure musse geholl ginn, fir en weidert Ausbreeden an der Wallonie an en Iwwergräife vun der Krankheet op eisen Territoire ze verhënneren. Ausserdem konnte schon Terrainserfahrungen vun de lëtzebuerger Veterinären a Fierschter ënner de reelle Conditiounen an der Belsch gemat ginn.

------------------------------------------------------------